# "Roughmix" vum Roland Meyer






Buchkritik

# Roughmix

## Vum Roland Meyer

Mer hunn eis schon ëmmer iwwert déi nei lëtzebuerger Manie geiergert, e puer opgeblose Kuerzgeschichten (graff zesummengezammert a grouss genuch geschriwwen fir dass di 150 Säiten séier voll ginn), domm a frech als Roman ze verkafen. An elo ass en do: E richtege, richtege Roman vun 312 Säiten, enger strenger, awer dynamescher Konstruktioun a souguer enger Entwécklung, mat enger profiléierter a reflektéierter Sprooch a mat Geheimnissen an Iwwerraschungen. De Roland Meyer ass Schoulmeeschter, Schrëftsteller a Muséker, an dofir dréint sech och villes, bal alles, em Musék, em Bands, Schülerbands, Schécksen a Knëffen, Schoulmeeschteren a Proffen, ëm Leit di Examen net packen oder nët wëlle packen, an natierlech ëm den Dram vun enger Rees an en anert Land. Zelebréiert gëtt d'Midlife-Crisis an all hire Facetten. Natierlech gëtt sech mat ikonoklastescher Energie an no Häerzensloscht de Frust vun der Panz geschriwwen. Et ass eben e *Roughmix*, aus deem déi ze grell Téinercher nach net erausgefiltert goufen, an erfreelecherweis eng kohärent Erzielung ouni déi bekannt pseudo-edukativ Versich, d'Mënschheet duerch d'Erkenntnis vun hirer Schlechtegkeet ze retten.

Mä beim Mix drëngt och de routinéierte Literat Meyer a senge Personnagen duerch, a léisst der e puer gutt bësseger géint de Lëtzebuerger Literaturbetrieb kommen. Jo, d'Land ass kleng an d'Liewen ass schlëmm, a wa mer de Roland Meyer richteg verstinn, ass et de groussen Dram vun all Schoulmeeschter a Proff, net méi Schoulmeeschter oder Proff ze sinn. Oder an der Vakanz brillante Sado-Maso a Romanform ze praktizéieren.

Wat d'Geschicht ugeet, kann eiserees schwéier mathalen. Hoffentlech, hoffentlech ass dat Ganzt eng batterbéis, komplett onrealistesch Satir. Mer waren allerdéngs nach ni mat engem Minister gepacst oder bestuet, a wëssen net, wéi dat ass, wann ee säi Mëttelalen doheem sëtze léisst, a bis op d'Côte d'Azur an op Bali duerchbrennt. Mä d'Irmine, d'Haaptfigur, zitt déi Nummer duerch, an nujee, dat geet einigermoosse gutt an dann erëm richteg grausam schief, just dass hat sech an de Kapp setzt, eng Schrëftstellerin ze ginn. An do schléit dann den Dämon Roland zou a bottert dem Enseignement classique an der Lëtzebuerger Literatur der dohin, déi richteg Spaass maachen.

Et rabbelt voll an der Vitrin vun der Bildungsbourgeoisie a vum CSV-Staat, a wann déi um Buedem leien an Hëllef ruffen, kritt di nei Bourgeoisie der an d'Sabbel – dee neie gringen Establishment. Déi mat de fair gehandelten Naturklamotten, an déi alleguer an enger ONG sinn. Mer fannen zwar all Mënsch sympathesch, deen e pathologëschen Haass op Gringer huet, mä och do stelle mer eis d'Fro: Wär manner vläit net méi gewiescht?

An da stelle sech déi ganz Froen no der Logik: Wéi, an the fuck, kann eng Fra gläichzäiteg Gitar, Akkordeon a mat de Féiss Bass spillen? Firwat musse Lëtzebuerger Jihadisten onbedingt Wodka am Auto hunn, wa se an den Afghanistan fueren an Hamebréidercher aus der Dreckskëscht friessen? Firwat muss ee schwulen Ex-Minister sech onbedingt um Sklavemoart vun Agadir eng afrikanesch Fra kafen, wou een dach weess, dass dee schonn e puer Joerhonnerten zou ass? Mee vläit kréie mer d'Äntwert an deem nächste Roman: Den Dudu am Klischeeistan. ■

**Gritty Tick**

Roland Meyer: *Roughmix*, Op der Lay 175, 320 Säiten, 16,90 EUR.

Roland Meyers „Roughmix" der luxemburgischen Gesellschaft

# Die Lust am Untergang



Foto: Gamespot

Jeff Thoss

**Nach „Muedebëtzeg", 2012 mit dem Luxemburger Buchpreis ausgezeichnet, legt Roland Meyer seinen zweiten Roman „Roughmix" vor, ein wüster Abgesang auf die Luxemburger Gesellschaft, der ohne viel Raffinesse auskommt.**

Luxemburg sei nicht der Mittelpunkt der Welt, heißt es gleich im ersten Satz dieses Romans, der uns nach Südfrankreich, Italien, Marokko, Thailand und Bali führt. Allerdings will uns Roland Meyer nicht mit exotischen Kulissen beeindrucken. Er schickt seine Figuren, allesamt Vertreter einer scheinbar respektablen Luxemburger Ober- bis Mittelschicht, in die Ferne, damit sie umso besser über ihre Heimat nachdenken und berichten können. Und was diese bei ihren Erzählungen und Erinnerungen so zutage fördern, hat es in sich: Hinter der Fassade der gutbürgerlichen Gesellschaft lauern Korruption, Steuerkriminalität, Inzest, Pädophilie und Spitzeldienst. Mittelpunkt der Welt mag das „Ländchen" also nicht sein, Mittelpunkt dieses Buchs ist es aber allemal.

Im Zentrum der Figurenkonstellation stehen die Mitglieder einer Band der frühen Achtziger. Da ist zum einen Pierre Mond, der Bassist, der eigentlich lieber Gitarre spielen möchte, es aber nicht mit dem charismatischen Sänger Jimmy aufnehmen kann. Auch in der Liebe sind die beiden Konkurrenten und streiten um die Gunst der attraktive Irmine, ihrer Managerin. Drittes Bandmitglied ist Schlagzeuger Antoine Barnig, der verzweifelt seine Homosexualität zu verbergen versucht, selbst vor seinem zeitweiligen Liebhaber Jimmy. Nach dessen frühem Unfalltod löst sich die Band auf. Pierre wird Politiker, zuerst bei den Grünen, bevor er aus reinem Opportunismus zur CSV wechselt, wo er sich bis zum Minister emporarbeitet. Irmine heiratet den beharrlichen Pierre und versucht sich derweil als Schriftstellerin. Antoine schließlich wird Lehrer und geht eine Scheinehe mit Suzette ein, Schwester des mächtigen Bankiers John Merten.

## Schluss mit der Minetteromantik

Im Privat- und Berufsleben der Charaktere geht nun so ziemlich alles schief, was nur schiefgehen kann. Als der Roman einsetzt, dreißig Jahre nach Ende der Band, stehen die Figuren vor dem Scheiterhaufen ihres Lebens. Sie versuchen in Gesprächen und Aufzeichnungen, alles noch mal von vorne aufzurollen, wobei eine Lebenslüge nach der anderen zum Vorschein kommt. Aber es ist längst zu spät, die Katastrophe abzuwenden. Pierre, der gerade noch rechtzeitig von seinem Ministerposten zurückgetreten ist, sucht vergebens seine Ex-Frau Irmine, die vor dem Verfall ihrer Schönheit in Urlaubsparadiese flüchtet. Antoine, ebenfalls geschieden, wandelt auf den Fußspuren Gustav von Aschenbachs nach Venedig, während Suzette dunkle Geheimnisse über ihren Ex-Mann lüftet und selbst zum Skandalfall wird. Hinzu gesellen sich noch ein schmieriger Boulevardjournalist, der John Merten zu Fall bringen möchte und sich online eine Frau bestellt hat, sowie der frustrierte rumänische Adoptivsohn von Antoine und Suzette, der Dschihadist werden möchte.

Wie man sieht, es geht düster, ja geradezu apokalyptisch in *„Roughmix"* zu. Hier wird das Luxemburger Gesellschafts- und Lebensmodell der letzten Jahrzehnte für bankrott erklärt, und das mit großer Lust an der Zerstörung. Wie die (Möchtegern-)Schriftstellerin Irmine scheint auch der Autor genug von Geschichten voller Minetteromantik oder sonstiger literarischer Vergangenheitsverklärung zu haben und endlich einmal abrechnen zu wollen. Subtil geht Meyer dabei allerdings nicht gerade vor.

*„Roughmix"* versteht sich auf kulturpessimistische Schwarzmalerei in Reinkultur: alle und alles sind verlogen und verdorben und müssen zugrunde gehen. Dass Homosexualität und Pädophilie dabei über einen Kamm geschert werden, zählt wohl zu den *„Kollateralschäden"* einer solchen Methode. Auch handwerklich geht es eher *„rough"* zur Sache: der Roman kann einen mit seinen abgründigen Figuren und zahlreichen Wendungen durchaus fesseln, leidet aber unter einigen Längen, die ihm seine überaus geschwätzigen Ich-Erzählern einbringen. Die Handlungsstränge um den Journalisten und den Adoptivsohn wirken zudem eher wie Zugaben als wesentliche Bestandteile der Geschichte. *„Roughmix"* ist ein hochaktueller, vielleicht gar ein wichtiger Roman, aber oft auch ein ärgerlicher, dem ein finaler Feinschliff wohl nicht geschadet hätte.




**Roland Meyer**
Roughmix
Op der Lay,
Esch-Sauer 2014.
320 Seiten, 16,90 €

## "Roughmix" - Roland Meyer - Pressetext

**Op der Lay 175 - 16,90 € - ISBN: 978-2-87967-197-0**

*"Lëtzebuerg ass net de Mëttelpunkt vum Universum. Wann s de hei liefs, mengs de, et géif just Lëtzebuerg, et géif just déi Lëtzebuerger Façon de vivre, de luxembourgisch lifestyle, et misst esou sinn, mengs, d'Liewe wir esou, mee wann s de bis op aner Plazen an der Welt kënns, gesäis de ganz séier, op wat fir enger Insel datt s du liefs. Wann s de hei liefs, da liefs de d'Exceptioun, da bass de an enger priveligéierter Situatioun. D'Liewen u sech ass net dat, wat mir zu Lëtzebuerg zanter eiser Kandheet als d'Liewe kenne geléiert hunn, Sécherheet, Gesondheet, Wuelstand, dat ass d'Ausnaam. De Bléck vu bausse schäerft d'Bild, dat s de der méchs."*

Esou fänkt *Roughmix* un. Mäin neit Buch spillt an der Provence, an Apulien, zu Venedeg, am Maroc, an Thailand an op Bali an et geet trotzdeem just em Lëtzebuerg! Ëmmer nees wonnere mir eis, firwat Lëtzebuerg am Ausland esou ee schlechten Image huet, maachen elo esouguer *nation branding* fir diem schlechte Ruff lasszeginn. Mee näischt kënnt vu näischt.

An engem Land, an diem joerelaang alles wat gestéiert huet, ënnert den Teppëch gekiert gouf, muss een net iwwerrascht sinn, wann dien Dreck op eemol op anere Plazen opdaucht, sech nei Weeër a Kanäl sicht.

De Pierre, dien et bis zum Minister bruecht huet, an den Antoine, en onopfällege Landschoulmeeschter, hunn an de fréien 80er zesummen an enger Rockgrupp gespillt a sech dono aus den Ae verluer. Elo begéinen si sech erëm a staunen net schlecht, wat aus hieren Ziler, Dreem, Wënsch, Frëndinnen a Frënn, also aus hierem Liewe ginn ass. Esou haten si sech dat net virgestallt.

Op 312 Säiten probéieren ech d'Bild vun enger Generatioun a vun engem Land "zesummenzemixen". Et ass ee "raue, graffe" Mix ginn, dien näischt verheemlecht an näischt ënnert den Teppëch kiert. "Wa *Muedebëtzeg* de Blues war, dann ass *Roughmix* de pure Punk!"

## "Obszön" - eng Viraarbecht zu "Roughmix" - publizéiert an der Anthologie vun de Walfer Bicherdeeg 2013

„Ob et wouer ass, weess ech net. Ech krut et vun him esou verzielt. Et kritt ee vill verzielt a mengem Beruff. Et ass vläicht eng Geschicht, déi dech net interesséiert, mech huet se interesséiert."

Ech weess net, firwat ech esou ugefaangen hunn. Nee éierlech, ech hat mir dat net virgeholl, wollt och näischt mat där Geschicht erreechen, hat keen Zil, wéi esou dacks, wann een eng Geschicht verzielt. Se ass einfach esou do gewiescht, op eemol konnt ech net anescht.

D'Situatioun war komesch genuch. No engem Mount mailen, elo den éischte reale Kontakt, den éischte Rendez-vous. Ech hunn „hatt", oder soll ech „si" soen, gesinn, hir Haut, hir Hoer, hir Hänn, ech hunn hir Stëmm héieren, hiren Otem gespuert. An ech, ech hunn elo vum Patrick verzielt, deen ech selwer net wierklech kannt hunn, deem ech just de Mëtteg begéint war. Ech hu seng Geschicht verzielt, vun där ech net wousst, ob se wouer war, wat vun hir wouer war a wat net. Hien hat mir se verzielt, an ech wollt se elo weiderginn. Firwat, weess ech haut nach ëmmer net.

Si huet een Aperol Spritz gedronk, een Aperitif, deen dës Geschicht net verdéngt huet, ech war e bësse beleidegt, wousst ee Moment net, ob et derwäert wier, mä si konnt dat jo net wëssen. An ech konnt elo net méi anescht, ech hat schonn ugefaangen.

„De Patrick war Broker", sot ech, „hien hat op enger Lëtzebuerger Bank geschafft, déi elo nach just esou heescht, mä net méi lëtzebuergesch ass. Hien hat e Verméige gemaach, hie war deemools ee vun deenen, déi woussten, wéi et geet. Hien hat seng Chance genotzt."

Bis dohinner eng gutt Geschicht. Eng Geschicht, déi si nolauschtere gedoen huet. Eng Geschicht, déi dat hat, wat d'Leit nolauschteren deet: Erfolleg, Suen, Geheimnis. Ech hunn dat gesinn, si huet nach net gedronk, just gekuckt a gelauschtert, gespaant a wéi eng Richtung d'Geschicht féiere géif. Dëst war just d'Ouverture, esou vill war kloer. Si war gespaant, no all deene Mailen, no all deene geschriwwenen, gutt iwwerluechte Wierder, no deene gestallte „Profilbiller", déi alles wëlle weisen an awer näischt soen.

An trotzdem hat déi immateriell Kommunikatioun eis deen Owend zesummen un deen Dësch gefouert, mat där Geschicht, esou wéi wann et hätt misse geschéien. Ech hat d'Enttäuschung gefaart, dee liichte Schock, wann een sech begéint, wann de Rido opgeet, d'Scheinwerfer blëtzen, tonight showtime, kee Netz méi, alles an Echtzäit. Dacks ass dat dann ze real.

„De Patrick ass net bestued, vläicht war hien et emol, ech weess dat net. Hie schafft och net méi, hien huet deemools genuch Sue verdéngt. Nach méi ze

verdéngen, dat géif hien net interesséieren. Hie geet eemol am Joer Ski fueren, op Davos, nach no Ouschteren, da wier et roueg, seet hien. Da wier d'Luucht och besser, da kéint hie vu moies fréi bis owes fueren. Alleng. Hie wéilt do keen dobäi hunn.“
Si huet gegrinst, huet eng kleng Schlupp geholl, se laang am Mond gelooss, ier se se ofgeschléckt huet, huet mech bekuckt. Ech hu probéiert an hiren Aen ze gesinn, ob ech sollt weiderfueren oder ophalen. Ech hätt elo kënnen ophalen. Ech hätt elo kënnen eppes soen wéi, jo de Patrick, ee komesche Kauz. A si hätt kënne laachen an och eng Geschicht vun engem komesche Kauz verzielen. Jidderee kennt Geschichte vu komesche Käiz, jidderee kann esou Geschichte verzielen, wann et muss sinn.
Si huet awer just gegrinst, si huet näischt gesot, ech hunn och näischt gesot. Et war roueg, fir ee Moment, mä et war net déi peinlech Rou, déi entsteet, wann een net méi weess, wat ee soll zielen, wann een sech näischt ze soen huet, nee, et war eng Spannung tëschent eis zwee. Si huet et genoss, si huet dee Moment vu Virfreed op d'Geschicht ze schätze gewosst. Si konnt waarden.
„Hien huet a sengem Haus, et ass eigentlech eng regelrecht Villa, do huet hien een Deel, den zou ass. Hien huet deen Deel ënner Verschloss, den ass gespaart. Do kënnt nëmmen hien eran. Wahrscheinlech och seng Botzfra“, hunn ech gelaacht. Ech war verleeën, wëll ech lues a lues zu deem Punkt koum, un deem ech net méi sécher war. Dofir sot ech de Saz vun der Botzfra. De Patrick hat e net gesot, ech hat en elo dobäi erfonnt.
„An deem Beräich vum Haus huet hien e groussen Deel vu sengem Verméigen ugeluecht. Hie nennt dee Beräich de Grimoire. Dat ass e geheimt Zauberbuch. Sproochlech ass Grimoire och mat de Wierder 'Grammaire/Grammatik' a 'Glamour' Famill. Mä et ass kee Buch. Hien nennt et nëmmen esou.“
Ech war elo an e ganz komeschen Erzielrhythmus gefall. E Rhythmus bal wéi dee vun der Sprangprëssessioun. E bësse no vir, e bësse no hannen. Ech hu mech net getraut, einfach weiderzemaachen. Ech sinn e bësse no vir gaangen, hu gekuckt, ob et do net ze geféierlech wier, hu mech e bëssen zréckgezunn, ofgewaart, an dann nees weider. Si huet mech wéineg ënnerstëtzt. Si huet keng Signaler gesent, déi mech gestäerkt hätten.
„Hien huet a sengem Grimoire, a sengem Gëftschaf, eng Sammlung vun erotescher Konscht.“ Ech hat déi Sammlung net gesinn, nee. De Patrick hat mir se och net beschriwwen. Wéi hie mir de Mëtteg dovu verzielt hat, hat ech net nogefrot. De Gedanken huet mech erreecht, mä d'Wierder hu mir gefeelt, fir mat him doriwwer ze schwätzen. Ech wousst net, wat et wier. Biller? Skulpturen? Bicher? De Begrëff 'erotesch Konscht' ass duergaangen, fir a mengem Kapp e Programm ze starten.

„Et wier guer net esou schwéier un esou Konscht ze kommen, et misst ee just d'Weeër kennen. Et géif vill Galerien, déi liwwere kéinten, sot de Patrick“, sot ech elo. „Hien huet mir awer d'Objeten aus senger Sammlung net beschriwwen. Ech weess net, wat hien do alles huet.“
Ech wousst net, wéi ech sollt weiderfueren. Ech hu probéiert, nees op méi festen Terrain ze kommen. „Ech soll him eng Schließanlag installéieren. Mat Alarm. Et wier eng wäertvoll Sammlung, seet hien. Se wier zwar gutt verséchert, mä net genuch geséchert, esou datt d'Versécherung kënnt Problemer maachen.“ Ech hu gespuert, datt ech geschliddert sinn. Esou Säz seet een net! De 'festen Terrain' war méi glëtscheg ginn wéi deen aneren.
Si huet e Schotz geholl. Ech och. Nees Rou. Et war kloer, wat déi Rou ze bedeiten hat. Ech sollt nees zréck bei d'Geschicht. Ech sollt dem Patrick seng Geschicht verzielen, net meng. Schließanlag, Alarm, Versécherung. Dat wollt si net héieren.
„De Patrick huet mir et esou verzielt: Et kann ee Mënsche beim Sex nokucken, ganz real, zum Beispill an enger Peep-Show, enger Life-Sex-Show oder och anescht. Dat géif de Patrick net interesséieren. Et kann een och e Pornosfilm kucken, real Mënsche maache Sex, mä et gesäit een et iwwer de Medium vum Film. Och dat géif de Patrick net interesséieren. Wat hien interesséiert, ass de Sex, deen ni stattfonnt huet, deen sech de Kënschtler ausgeduecht huet.“
Si ass elo net opgestanen, si huet elo net de Kapp gerëselt a si ass elo och net gaangen, elo schonn, beim Aperitif. An dobäi hätt ech hir dat emol net iwwel huele kënnen, bei deem, wat ech do verzielt hunn. Mä ech hat jo keen Zil a vläicht hunn ech et esou verzielt, datt si dat gemierkt huet. Mech huet d'Geschicht faszinéiert an ech wollt se verzielen.
Rou. Si konnt waarden. Si wollt nolauschteren.
„De Patrick interesséiert sech fir d'Iddi vum Sex a wéi de Kënschtler dës Iddi duerstellt. Dat wier näischt Obszönes, och wann d'Geschlechtsorganer drastesch duergestallt wieren. An dat am Géigesaz zum Film oder der Sprooch. D'Iddi vum Sex ass ni eekleg, mä d'Gespréich doriwwer kann et ganz séier ginn, wëll de Vokabular dofir net gemaach ass.“
Sollt ech weiderfueren? De Patrick hat nach eng Saach verzielt, déi ech verhalen an déi mir gefall hat. Se hat mir gefall, obwuel ech net wousst firwat.
„Hie seet, hie géng eng Zort platonesch Zouneigung verspieren, wat seng Kollektioun ubelaangt. An hie géng sech froen, wat genee den Ënnerscheed géif ausmaachen, bei der Rezeptioun, twëschent enger Foto, déi zwee Mënsche beim sexuellen Akt weist an engem gemoolte Bild, dat déiselwecht Zeen weist.“
Wat soll si elo denken. An och, wat soll si elo vu mir denken. Soll si sech d'Fro stellen, firwat ech hir dës Geschicht verzielen? Et wier hiert gutt Recht, sech déi

Fro ze stellen. Wéi ee Bild géif ech mir vun hir maachen, wa si mir elo, op eisem éischten „realen“ Owend, dës Geschicht verzielt hätt.
Wéi ass dem Patrick, deen ech bal net kennen, seng Kollektioun, déi ech ni gesinn hunn, iwwerhaapt hei un den Dësch komm? Wéi ass se tëschent eis geroden? Wat faszinéiert mech esou un där Kollektioun? Ech hat se ni gesinn, an awer konnt ech mir se virstellen. Konnt si sech se och virstellen? Verbënnt se eis um Enn?
Dee Moment ass de Garçon komm. Hien huet eis gefrot, wat mir gewielt hätten. Eréischt dunn hu mir gemierkt, datt d’Menuskaarten nieft jidderengem vun eis um Dësch louchen. D’Spannung war fort, an ee Moment wousst kee vun eis, wat e sollt soen, zum Garçon, dee vun näischt eng Ahnung hat.

# "Roughmix" spillt an der Provence, an Apulien, zu Venedeg, am Maroc, an Thailand an op Bali

**Provence**





## Apulien









## Venedeg






## Maroc









## Thailand









**Bali**









